N°2058
Entrée le 07.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Madame la ministre de la Défense, Yuriko Backes, à la question parlementaire n°2058 du 10 mars 2025 de Monsieur le député André Bauler au sujet des entreprises fournissant l'industrie de la défense**

Fir en Iwwerbléck vun de wirtschaftlechen Acteuren ze kréien déi zu Lëtzebuerg am Beräich vun der Verdeedegungsindustrie an den Dual Use Produiten a Servicer (déi souwuel fir zivil wéi fir militäresch Zwecker benotzt kënne ginn) aktiv sinn huet Luxinnovation den Optrag kritt eng Kartografie vum Verdeedegungs- an Dual-Use Ekosystem zu Lëtzebuerg opzestellen, esou wéi dat an der Äntwert vum 18 Juni 2024 op d'parlamentaresch Fro 767 vum Deputéierten Alex Donnersbach duergeluecht gouf. De Katalog vu Luxinnovatioun, mat de Betriber déi haut schonn - haaptsächlech iwwer Dual Use Produkter - am Beräich vun der Verdeedegung aktiv sinn, ass online disponibel : https://gouvernement.lu/dam-assets/documents/actualites/2024/06/19-backes-catalogue/lu-industry-research-capabilities-security-defence-2024.pdf

Déi nei Strategie fir d'Verdeedegungsindustrie ass de Moment an der Ausaarbechtung a wäert dës Secteure méi genee definéieren. Hei wäert op déi bestoend Stäerkten an Atoute vun der Lëtzebuerger Industrie gesat ginn, déi ënnert anerem an der Cybersécherheet an am Weltraumsecteur leien. Och aner Secteure wäerte berücksichtegt ginn, de Secteur vun der Verdeedegung ass aktuell am Ëmbroch an et ass dermat ze rechnen datt sech nei Opportunitéite kennen erginn.

Doriwwer eraus lancéiert d'Regierung Opriff fir Fuerschung- an Entwécklungsprojeten am Beräich vun der Verdeedegungsindustrie, besonnesch fir Dual-Use Technologien, un d'Betriber, deen leschten war am Mäerz 2024 lancéiert ginn. D'Zil vun esou Opriff fir Projeten ass Synergien têschent der Verdeedegung an anere Secteuren ze förderen a Fuerschung- an d'Entwécklungsefforten unzestoussen. Esou gëtt déi Lëtzebuerger Industrie ënnerstëtzt fir d'Verdeedegungswäertkette vun der Europäescher Unioun z'integréieren an den nationalen Ekosystem vun der Verdeedegungs an Dual Use Industrie gëtt gestäerkt.

Luxembourg, le 07/04/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles